ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Zënter enger Rei Joere gëtt un der Entwécklung vun Zich, déi mat Waasserstoff ugedriwwe ginn, gefuerscht. An Däitschland fueren esou Zich schonn op vereenzelte Strecken.
Och an anere Beräicher kéint an Zukunft de Waasserstoff eng méi grouss Roll spillen.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Energieminister an un den Här Transportminister:

1) Wéi een Undeel kéint de Waasserstoff no de Pläng vun der Regierung, zwëschent 2025 an 2050 an eisem Energiemix anhuelen?
2) A wéi enge Beräicher soll oder kéint des Technologie wärend der genannter Period prioritär agesat ginn?
3) Kéint d'Regierung sech virstellen, Waasserstoff an dësem Beräich als drëtt Alternativ zu elektresch a mat Diesel bedriwwene Lokomotiven anzesetzen?
4) Wéi ee Montant gëtt d'Regierung aktuell all Joers fir d'Erfuerschung vu Waasserstofftechnologie aus?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten